

# Whistleblower: Demo virun US-Ambassade um Lampertsbiërg

29.07.2013, 06:53 | Fir d'lescht aktualiséiert: 29.07.2013, 07:22

Mat enger Protestaktioun virun der US-Ambassade huet sech de Chaos Computer Club fir déi sougenannte Whistleblower staark gemach.



© Eldorado

Eng 30 Leit hu virun der Ambassade vum Lampertsbiërg protestéiert.

Whistleblower verëffentleche jo fir d'Allgemengheet wichteg geheim Informatiounen. Dobäi handelt et sech oft ëm illegal Aktivitéiten vu bekannten Organisatiounen oder eben Regierungen.

Als Privatpersoun kann ee sech iwwregens géint d'Iwwerwaachung am Internet schützen.

Dofir organiséieren d'Chaos Computer Club Kryptopartien déi eemol am Mount stattfannen. Do kritt da jiddereen ganz einfach erkläert wat fir eng Programmer een sech erofuede kann wann een seng Dateien déi ee verschéckt verschlésele wëll.

Et ass also kee Problem mat gratis Software et aneren onméiglech ze maachen fir déi verschéckten Dateien ze liesen.